

FRÄIE MIKRO – BOB REUTER

DIFFUSIONSdatum: 09/01/2024

AM CHARLES DICKENS SENGEM "A CHRISTMAS CAROL" STÉCHT VILL HUMANISTESCH WEISHEET

USO (MAX. 400 ZEECHEN)

Den Charles Dickens huet am 19. Joerhonnert eng Novelle verfaasst mat där hien seng Zäitgenossen zum Nodenke bréngen wollt. "A Christmas Carol" zielt vun engem granzegen, knéckegen a kalhärerzege Geschäftsmann a senger plätzlecher Transformatioun. De Bob Reuter, Präsident vun AHA Lëtzebuerg, denkt haut am Fräie Mikro driwwer no wéi eng Léiere mer aus där Novelle fir eis haiteg Zäit zéie kënnen.

TEXT (387 WIERDER – MAX 2:30)

Ech hunn dem Charles Dickens seng Novelle iwver d'Feierdeeg entdeckt, well mäi Bouf se fir d'Schoul ze liesen hat a mir opgefall ass, datt ech mech nach ni domadder beschäftegt hat. Ech mengen ech hat dat Buch bis elo einfach lénks léie gelooss, well ech gemengt hat, et géif em ee kitschegt Chrëscht dagslidd goen.

Lo sinn ech frou entdeckt ze hunn em wat et wierklech geet an datt ech mat oppenem Geescht un d'Saach rugange sinn, ouni déi ganz Gespenster a Geschter wuertwiertlech ze huelen.

Den Dickens verzielt d'Geschicht vun engem gewësse Mr Scrooge, engem kalhärerzege, knéckegen a verbatterte *Businessman*, deen op eng fantastesch Rees geet, op där hien, geleet vun de Geschter vum *Christmas Past, Present, and Yet to Come*, sech senger Vergaangenheet a sengen emotionale Wonne stellt, sech d'Fro stellt wat hie mat der verbleiwender Zäit ufänke wëll a sech Gedanke mëscht wéi ee Vermächtnis hien hannerloosse wëll. Duerch dës Konfrontatioun kënn hien zur Erkenntnis datt Geld net alles am

Liewen ass an datt hie vill méi frou a glécklech wär wann hien – nees – déif emotional Verbindunge mat anere Mënschen agoe géif a säi Räichtum mat hinnen deele géif.

Ech denken déi Geschicht geet wäit iwwer d'Verännerung vun enger miseraabler Figur raus. Si wéist eis datt Mënsche fäeg si nozedenken a sech z'änneren. An et geet net just drëms sech vu knéckeg op generéis ze verwandelen. Et geet drëms seng Weltanschauung déifgräifend ze veränneren – woubäi ee sech nees verbënnt mat deem wat et bedeit Mënsch ze sinn.

Fir mech steet dem Mr Scrooch seng Metamorphos awer och stellvertriedend fir ee gesellschaftleche Prozess wou et net just drëms geet datt den Einzelnen seng Nächsteléift a Waarmhärzegkeet entdeckt, mee wou et drëms geet d'Gläichgültigkeet vis-à-vis vun Ongerechtegkeeten ofzesträifen an zesummen d'strukturrell Ursachen dovunner unzegoen. Wat notzt et fir baarmhärzeg Almosen ze spenden, fir datt den Tiny Tim nees gesond soll ginn, wa mer hie weiderhin an enger vergëftener Ëmwelt opwuesse loossen, déi hien ëmmer nees krank mëscht?

A mengen Aen, luet den Dickens eis an, fir eis Wäerter a Prioritéiten z'iwwerdenken an eis d'Fro ze stellen, op eist Handeln alignéiert ass mat eisen humanistesche Prinzipien. Hie konfrontéiert eis mat de Konsequenze vu Gläichgültigkeet, Kalhärzegkeet a Gier, a luet eis a fir eis fir Gerechtegkeet a Matgefill anzesetzen, awer net just op Chrëschttag, mee während dem ganze Joer.